ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 10. Januar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Et ass leider bekannt, datt et zu Lëtzebuerg nach ëmmer grouss Problemer gëtt, wat d'Waardezäiten an d'Qualitéit vum Traitement an den Urgencen ugeet. Mir ass ausserdeem vun enger Rei vu Patienten zougedroe ginn, datt d'Krittären, wéi séier eng Persoun an der Urgence eng Behandlung brauch, dacks onkloer sinn. A ville Fäll soll et och esou sinn, datt den Dossier, deen e Patient an d'Urgence matbréngt, vum zoustännege Personal net genuch oder guer net berécksiichtegt gëtt.

Dowéinst wëll ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Gëtt et zu Lëtzebuerg – Spidol iwwergräifend – eenheetleche Prozeduren, no deem tranchéiert gëtt, wéi séier e Patient muss medezinesch gehollef kréien? Wa jo, wéi gesäit dëse System aus?
2. Ass et an deem Kontext scho virkomm, datt dee betreffende System aus zäit- oder personaltechnesche Grënn net agehale konnt ginn?
3. Wann e Patient en Dossier vun engem Dokter mat an d'Urgence bréngt, gëtt dësen an alle Fäll vun der zoustänneger Infirmière, respektiv dem Personal aus der Opnam, ugekuckt, als Bewäertungshëllef, wéi séier dem Patient muss gehollef ginn? Wann nee, firwat gëtt dësen Dossier net berécksiichtegt?
4. Ginn et – Spidol iwwergräifend – Reegelungen, wéi d'Personal, dat an den Urgencen tranchéiert, ausgebilt muss sinn (z.B. wéi een Ausbildungsgrad dës Persoun muss hunn)? Wa jo, wéi gesinn dës Reegelungen aus? Wéi gëtt séchergestallt, datt dës Reegelungen och agehale ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten